Lacroix - sur - meuse

De Fly Fishing Club Lëtzebuerg wor Haut op Lacroix sur meuse fir mat der Méck ze fëschen. Dëst Joer wore mir ee Mount méi spéid un wei sos an ewell mir zu Lacroix ëmmer mat dresche Mécke gefëscht hunn wore mir Alleguerten och dorobber agestallt, zemols wou elo mat der Meemécken Zäit dee grousse Moment am Joer ass wou d´Fësch besonnesch giereg déi dresche Méck huelen. Meeschtens kënnt et awer aneschters wei een denkt, obschonn d´Wiederkonditioune gutt woren, 25° an de ganzen Dag iwwer Sonn, woren d´Fësch awer net Uewerflächen aktiv. Et huet dann och ee bësse gedauert bis mir dat eraus haten. Deen Éischten deen Dëst erausfonnt hat wor de Roger deen ëmmer mat der Nymph a vue Ënnerwee ass, Hien huet seng Nymph missen op de Fong leeë ewell d´Fësch ganz déif stoungen.



Séier hat dat sech erëm geschwat an esou hunn dunn och d´Memberen Een nom Aneren ëmgebaut an déi Wéinegst hunn mat der dréchener Méck weider gefëscht. Och woren d´Fësch haaptsächlech am viischten Deel vum Weier konzentréiert esou dass dunn lues a lues d´Fëscher sech och dohinner orientéiert hunn. D´Famille Bartholmé wor erëm vollzieleg ugetrueden, de Papp, de Jong an natierlech hiren treie véierbeenege Frënd, hunn vun Ufank aus un de Weier onsécher gemeet an ech weess net Wien de Mätsch tëschent dem Papp an dem Jong gewonnen huet, hunn Sie dach alle Béid ganz vill Fësch gefaangen, mee mat Sécherheet wor den Hond awer dee Waakregsten an huet Sie schéin op Trapp gehalen. Déi Éischt beim Waasser woren awer erëm den Änder an seng Fra déi erëm Fréischicht haten an den Änder ass dann och fir säin Ansaatz räich belount gi konnt Hien dach Moies fréi scho ganz vill Fësch fänken an ze guer een Zander vu 40 cm hat Hien op d´Schuppe geluecht an erëm schounend sengem Element iwwerlos. Dernieft hat Hien et och opgeholl mat engem décke Kaarp mee do wor awer leider de Kaarp als Gewënner ervir gaangen.

Moies woren d´Fëscher awer Allgemeng nach net esou richteg an hirem Element. Et ass vill geknoutert ginn an déi Wéinegst konnte mat hirem Resultat zefridde sinn. Natierlech woren och Memberen dobäi déi Moies scho lass geluecht haten, mee eréischt nodeems mir eis zeréck gezunn hate fir un der Taktik ze feilen (Aperitif) an dunn dat Ganzt sacke gelooss hunn (Mëttegiessen) ass eis dach a bee mol eng Erliichtung komm (den Dessert an déi obligatoresch Taass Kaffi nom Jessen) an dunn wousste mir wei mir eis misste Mëttes uleeën. Mëttes sinn dunn d´Fëscher mat neiem Elan ugetrueden an et sollt net laang daueren an dunn huet et och gerabbelt. Eng schéi Forell no deier Anerer ass gefaange ginn an d´Stëmmung ass ëmmer méi héich geschloen, a matten dran natierlech eise Jeek. Hien ass dunn vollends opgeblitt an huet eng Spëtzbouwegkeet no der Anerer un den Dag geluecht, Hien ass a bleift eise gréisste Lausbouf.

Déi Eng hunn mat der Nymphe a vue gefëscht während och vill statesch gefëscht ginn ass mat Chironomen oder mam Squirli Worm woubäi Jiddwereen seng Fësch gefaangen huet. Déi eenzeg Method déi iwwerhaapt keen Erfolleg bruecht huet wor de Streamer. Mir hunn awer och Fëscher an eise Reien déi sech net agestoe wollten dass bei deem schéine

Wieder kee Fësch soll mat der dréchener Méck ze fänke sinn a Sie hunn daper duerch gehalen a stur un hirem System festgehalen a wei dat esou ass beim fëschen, wann d´Forellen net bäissen da muss een sech alt och eemol mat klénge Roudfiederen zefridde ginn oder mat Pijen déi och hei ze fänke sinn, jiddwerfalls wor dat Moies och ee kuerzweilegen Zäitverdreiw fir esou muncher E e vun eise Fëscher.

Och dës Sortie bleift eis a beschter Erënnerung konnte mir dach ee schéinen Dag bei beschtem Fréijorswieder beim Waasser erliewen. Och wann et ee bësse gedauert huet bis mir Haut den Dréi eraus haten esou huet sech dach erëm bewisen dass beim Fly Fishing Club all Member beméit ass fir säint der zou bäi ze droe fir dass eis Sortien zu deem ginn

dat mir eis am Viraus erwaarden. Esou gëtt net nëmmen d´Methode verrode wann ee Fëscher eemol méi erfollegräich ass wei säi Kolleg niewent Him, nee et ass och selbstverständlech dass een dem Fëscherkolleg mat Mécken oder aner Material aushëlleft falls Deen dëst eemol net zu Hand huet, ewell schliisslech wëlle mir eis jo Alleguer Owes zefriddenen erëm op den Heemwee maachen an dobäi schonn un déi nächste Sortie denke wou mir eis erëm gesinn. Elo steet als nächst eisen alljährlech Worfkur um Uwänner vun der Uewersauer um Programm an eis nächst Sortie féiert eis dann Ufanks Juni op Freux bei Libramont an der Belsch.